N°2869
Entrée le 15.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Laut rezenten Informatiounen huet d'CNS am Joer 2024 en Defizit vu 25 Milliounen Euro notéiert. Et gëtt virausgesot, datt dësen Defizit an den nächste Jore weider wäert wuessen an datt d'Reserve vun der Krankekeess séier kéinten opgebraucht ginn, wat eng direkt Konsequenz op d'Leeschtunge vun der Krankeversécherung kéint hunn.

Wärend eng Preparatiouns-Reunioun fir déi nächst Quadripartite de 15. September 2025 stattfonnt huet, bleift et onkloer, wéi eng konkret Mesuren d'Regierung plangt, fir dëser prekärer finanzieller Situatioun entgéintzewierken. D'Nohaltegkeet vum Gesondheetssystem ass eng Prioritéit fir all Bierger, an et ass essenziell, datt transparent Informatiounen iwwer déi aktuell Situatioun an déi geplangte Léisungsweeër kommunizéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass den aktuellen Niveau vun de Reserve vun der CNS a wéini gëtt virausgesinn, datt dës Reserve komplett opgebraucht sinn, wa keng Géigemesurë geholl ginn?
2. Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung, fir den Defizit vun der CNS ze reduzéieren ouni d'Qualitéit vun de Gesondheetsleeschtungen ze komprométtéieren?
3. Gëtt et Pläng, d'Bäiträg zur Krankeversécherung ze erhéijen oder nei Finanzéierungsquellen anzeféieren, fir d'finanziell Stabilitéit vun der CNS laangfristeg ze garantéieren?
4. Wéi eng strukturell Reformen am Gesondheetswiese sinn am Kader vun der kommender

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Quadripartite virgesinn, fir d'Käschten ze kontrolléieren, ouni den Zougang zu Gesondheetsleeschtungen anzeschränken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten